PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/10/2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aarbecht weiderzeleeden.

D'ITM spillt eng wichteg Roll fir d'Sécherheet vun de Schaffende sécherzestellen an d'Anhale vum "Code du Travail" duerch d'Patronen ze kontrolléieren. Et ass mer zu Ouere komm, datt Betriber aus dem Oste vum Land, déi haaptsächlech däitschsproocheg Mataarbechter a Cheffe beschäftegen, d'ITM gefrot hunn, fir hir Ufroen op Däitsch, eng vun eisen offizielle Sproochen, ze formuléieren. Dës Ufroe goufen anscheinend vun der ITM ignoréiert. Als Konsequenz goufe Betriber, déi d'Ufro net verstanen hunn, wéinst Net-Kooperatioun mat der ITM bestrooft, obwuel se net onbedéngt géint d'Gesetz verstouss hunn. Anscheinend haten d'Strofen eppes mat Kontrolle vu Gehaltszahlungen ze dinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kommunizéiert d'ITM - op Ufro - och op Däitsch oder Lëtzebuergesch mat de Betriber?
    - Wa jo, wéi vill Prozent vun alle Kommunikatioune sinn dat?
    - Wa nee, firwat ass dat net de Fall, obwuel Däitsch eng vun eisen offizielle Sproochen hei am Land ass?

2. Wéi vill Strofe goufen zanter August géint Liberty Steel zu Diddeleng decidéiert, nodeems ëffentlech bekannt gouf, datt d'Gehälter vum August net bezuelt goufen? Kënne mer an dësem Kontext eng Opstellung vun der Unzuel vun de Strofen an dem finanzielle Volume no Gréisst vun de Betriber fir déi lescht dräi Joer kréien, ënnert der Berücksichtegung, datt am Prinzip all Verstouss eenzel bestrooft ka ginn?

3. Iwwerwaacht d'ITM de Caritas-Dossier fir sécherzestellen, datt déi aktuell Mataarbechter an hire Rechter geschützt sinn an datt den Transfert vu Mataarbechter op HUT konform mat der relevanter Gesetzgebung ass?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten